**Priedegt Begriefnismass Romain Kremer**

Am Ufank wéi ech de Romain kenne geléiert hun, am Kader vun der Jugendpastoral an der CVX, hun ech mech oft gefrot, wéi heen dat gemaach huet fir sech nach mat scho 50 Joer deemools fir Jonker ze begeeschteren an ze engagéieren. Dee schéinen Text vun de Séiligpreisungen, dee mir elo grad héieren hun, schéngt mir eng Äntwert dorop ze gin. 8 Mol nennt de Jesus eng Kategorie vu Leit "séileg", d. h. frou, erfëllt, glécklech an zefridden, Leit déi an hirem Liewen dat fonnt hun, wat sie gesicht hun.

Wann dir eech déi eenzel Sprëch genau ukuckt, da sin der sécher e puer, déi op Äre Papp, Mann, Bopa, Monni oder Frënd zoutreffen. Ech denken z. B. un den Honger an Duuscht no Gerechtegkeet, un déi Baarmhäerzeg, déi een Häerz fir di aner hun, net veruurteelen, mee probéieren, sie ze verstoen an hinne bäi ze stoen, oder un déi - vill ze wéineg an eiser Welt - déi Fridde stëften wëllen. De Romain hat ee grousst Häerz an huet sech net de Problemer vun eiser Gesellschaft verschloss, mee heen huet vill Energie a Versteesdemech konkret fir Flüchtlingen, Prisonnéier a vum Liewe blesséiert Mënschen hirgin. An dat war a mengen Aen eng vun de Quelle vu senger Freed, vu senger Begeeschterung a sengem Optimismus, déi hee sou gutt un anerer, un eis all konnt weider gin. Och eise Wee zum Gléck kann also iwwer d'Versteesdemech féieren, iwwer de Respekt an d'Léift fir déi, deenen et net gutt geet an déi oft un de Rand vun eiser Gesellschaft gedréckt gin!

Mais les béatitudes ne sont pas d'abord un catalogue de vertus ou d'attitudes à cultiver pour trouver le bonheur. En effet, elles opèrent un renversement de valeurs et n'appellent pas heureux ceux que le monde ou la société qualifieraient comme tels. Plutôt que de prôner le succès, l'enrichissement, le prestige social, voici que Jésus déclare bienheureux ceux et celles qui sont pauvres, qui pleurent ou sont dans le deuil, qui souffrent des injustices dans le monde et autour d'eux ou qui sont même victimes de mobbing par leurs contemporains parce qu'ils s'attachent aux valeurs de l'évangile.

Notons d'abord que nous faisons partie de la liste des bienheureux potentiels, puisque nous éprouvons de la peine aujourd'hui pour le départ de Romain! Jésus nous assure que cette peine n'est pas le dernier mot ni même le fond des choses, mais que quelque chose d'infiniment précieux peut se vivre dans le deuil ou la souffrance. Ils peuvent devenir des chemins de vie et de croissance, nous faire découvrir une joie plus profonde et durable! Dieu lui-même a un cœur pour ceux qui souffrent et il se rend proches d'eux, en s'appuyant bien souvent sur d'autres hommes et femmes: bienheureux êtes-vous si votre peine devient ouverture sur autrui, partage de votre tristesse et communion!

Op deem Wee, fir äis op ze maachen an äis Gefiller, eis ënner Aarmutt an äis Schwächt mateneen ze deelen, war de Romain, sou wéi déi meescht vun äis, net ganz gutt. A vläicht ass dat mat ee Grond derfir, datt heen déi läscht 3 Joren esou eng schwéier Zäit erlieft huet, wou hee bal net méi aus der Depressioun eraus komm ass. Wat de Fong vun engem mënschlichen Häerz ausmécht, wäerte mir wuel nie ganz verstoen, souguer déi net, déi engem Mënsch am nootste stin. Mir spiren awer, datt mir mat ganz vill Respekt mat esou enger Situatioun, esou engem Leed ëmgoe mussen. All Mënsch geet säi ganz perséinleche Wee - fir de Romain waren déi läscht Joren ee richtige Leidenswee, grad wéi fir seng Famill a seng Frënn. An dach duerfe mir hoffen a gleewen, datt och dee Wee zum Liicht an zum Liewe féiert an datt hien elo d’Freed, d’Begeeschterung an d’Suerglosigkeet a vollen Zich genéissen duerf! Wann Aarmutt, Trauer, Honger an Duuscht ee Wee zum Gléck kënne sin, da sécher och d’Dépressioun an d’Erschëpfung, och wann et fir äis schwéier ze verstoen ass, wéi! Fir et mam Jörg Zink senge Wieder auszedrécken: “Die Bruchstücke meines Lebens (die Schätze und die Schatten) fügst du zu einem großen Ganzen, mit allem, was sie in mir berührt oder hinterlassen haben.”

Chère famille, chers amis, confions notre frère Romain au Dieu en qui il a cru de tout son cœur, qu’il a recherché tout au long de sa vie et retrouvé avec les enfants, les jeunes et les personnes blessées par la vie. Que son exemple, que tout ce que chacun.e a reçu de lui nous aide à grandir en humanité, à placer les relations fraternelles et amicales au centre de notre vie et à découvrir ainsi à notre tour, ne fût-ce qu’une partie du vrai bonheur!